PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Ee Wort-Artikel vum 12te Februar 2021 hat iwwert de Bauprojet vun engem Wandpark beriicht, dee vun der Firma Sudenergie S.A. (fréier Sudgaz) zesumme mat der Firma Soler bedriwwe soll ginn. Vun den 23 Anlagen, déi u sech queesch duerch de Süden geplangt waren, sinn zum jëtzegen Zäitpunkt nëmmen nach 5, déi wäerte kënne realiséiert ginn. Vun deene fënnef Wandanlage soll jeeweils eng an d'Gemeng Dippech, Recken-op-der-Mess an och Suessem stoe kommen. Gebaut gi sollen dës Wandrieder um Bord vu verschiddene Natura2000-Vulleschutzgebidder.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op wéi eng Terrainen (Parzellen) an deene jeeweilege Gemenge kommen déi geplangten d'Wandrieder genee hin?

2. Sinn d'Etüden zum Ëmweltimpakt fir déi geplangte Wandrieder zu Dippech, Recken-op-der-Mess a Suessem ofgeschloss? Falls jo,
    1. wat fir een Impakt wäerten d'Wandrieder op déi eenzel Natura2000-Gebidder hunn?
    2. wat sinn d'Konsequenze fir d'Déieren an der Ëmgéigend?
    3. op wéi enger Héicht dierfen d'Wandrieder opgestallt ginn?
    4. wéi vill Kaméidi (an Dezibel) wäerten dës Anlage produzéieren?
    5. wéi wäit sinn d'Wandrieder vun de Wunnengen an Haiser am Ëmkrees ewech?
    6. wéi eng Kompensatiounsmoossname sinn eventuell virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député